# LDF - Info

Fir den Erhalt vum lëtzebuerger Bauiewen


## Lëtzebuerger Denkmalschutz Federatioun (LDF)

Lëtzebuerger Denkmalschutz Federatioun a.s.b.l.

c/o André Kirsch
30, rte de Luxembourg
L- 6210 Consdorf

RCS Luxembourg: F12808
siège: Luxembourg-Ville
web: www.ldf.lu
email: info@ldf.lu

IBAN: LU23 0019 5855 4712 3000
BIC: BCEELULL


stéierlech ofsetzbar Don'en sin iwwert d'**FOCUNA** méigelech

IBAN: LU24 0019 4655 0203 7000
BIC: BCEELULL
bénéficiaire:
Fonds culturel national
Betrëff: **"2021/110 LDF"**

Editioun: LDF_Info_2021-01
©LDF 2021




Foto: Pierre Mousel

## Eise President huet d'Wuert.

D'Bauierwen zu Lëtzebuerg ass ëmmer méi der Gefor ausgesat, zerstéiert ze gin an dëst huet ënnerscheedlech Ursaachen. Inefficace Legislatiounen, de Fait datt et iwerhaapt 2 Reegelwierker gëtt fir d'Bauierwen ze schützen (kommunalen an nationalen Schutz), inefficace Applicatioun vun bestehenden Gesetzer: et gëett nach ëmmer keen komplетten Inventaire vun allen erhaalenswerten Gebeier, weder kommunal nach national. D'Gemengen schützen extrem ënnerscheedlech hiert Bauierwen - sie protégéieren iwert hier PAG'en net opgrond vun Expertenwëssen mee opgrond vun elektoralen Considératiounen an opgrond vun Onwëssenheet an finanzielen Iwerleeungen an Interessien, mam Resultat datt eist Bauierwen inkohärent erhaalen gëtt.

Aaner Gefooren sin: ze wéineg Subsiden, ze wéineg Geschichts- an Kulturbewosstsënn an der Gesellschaft, en iwwerdriwwent Propriétéitsrecht (e Propriétär huet net nëmmen Rechter mee oder Flichten), aktuell nach keng Verankerung an der neier Constitutioun vum Schutz vun der Natur an der Kultur (esouwéi daat an der Schwäiz z.B. de Fall ass iwwert den "Heimatschutz").




by IK-CNCI

## 11 Member - Organisatiounen

6 Grënnungsmemberen

Biergerinitiativ Gemeng Kielen

Biergerinitiativ Quo vadis Käerch

Comité Alstad

Lampertsbierger Geschichtsfrënn

Mouvement Patrimonial

Sauvegarde du Patrimoine

nei beikomm 2021

Industriekultur-CNCI

Les amis du Prieuré d'Useldange

Natur- a Geschichtsfrënn Ieweschte Syrdall


Syndicat d'Intérêts Locaux Pfaffenthal-Siechenhof

Biergerinitiativ Gemeng Wäiswampich

Ass äer Organisatioun och interesséiert fir bei der LDF Member ze gin?

Da mellt iech wgl. a mir schecken iech all Detailer.

email: info@ldf.lu




Et gin nach aaner Ursachen: "performance énergétique", Grondsteiereforme, Investisiounsfräiheet : Wunnen as keng Fonktioun méi, e Grondrecht, mee nëmmen nach eng Wuer.

Mee denken mer dach all drun datt et keng kulturel Produktioun vun enger Gesellschaft gëtt déi méi visibel an méi "konsumméiert" gëtt wéi gebauten Kultur. Se steet iwwerall, mir gin dran an- an aus, all Daag, mir gesinn se all Daag. Mer erliewen se all Daag. Zu Lëtzebuerg awer zerstéieren mer genee dëss Kultur an engem Tempo deen kaum oder net international unzetreffen ass, ausser a Krichssituatiounen.

Denken mer drun datt déi gebauten Ëmwelt och soll fir de Mënsch sin, an datt säin Wuelbefannen och mat der Qualitéit vun deser Ëmwelt zesummenhänkt. Dëst as e laang bekanntent sozial-psychologesch Phänomen. Wou ass also eis "Baukultur" haut? Eng Ëmwelt déi net zum Verweilen alued, huet och als Konsequenz datt d'Mënschen net bleiwen an oft plënneren well se sech net mat engem Uert identifizéieren kënnen. D'Sozialliewen an enger Gemeng leit och dorënner. D'Baupolitik berücksichtegt daat iwwerhaapt net.

Et gin och Nohaltegkeets-Considératiounen: erhaalen an renovéieren/nei notzen ass vill besser wéi neibauen. Denkt un all déi sougenannten "Grô Energie" déi beim Ôfrappen verluer geet an un d'Déponien déi iwwerlaafen. D'Produktioun vun Zement as och e weideren groussen Problem an der $CO_2$-Bilanz.

Mir verléieren an engem onverantwortlechen Tempo eist Bauierwen an daat muss elo ophéieren. De Verloscht ass nie méi ze ersetzen. Verluer as verluer. Lëtzebuerg, respektif iirgendeng Regioun ass net einfach en Standard 08/15. Iwwerall fënnt een elo gebauten "wäiss Këschten" déi eis Baukulturlandschaft zerstéieren an veraarmen loosen. Sie ersetzt a kuerzer Zäit eng Entwéckelung déi iwwert e puer Johrhonnerten entstaanen ass a méi wéi jee eng nohalteg Architektur mat lokalen regionalen Materialien unzebidden hat.

Paul Ewen, LDF President






by LDF

## eisen Objet


D'Haaptuleies vun der Federatioun ass d'Protektioun vum bebauten an architekturale Patrimoine am Grand-Duché vu Lëtzebuerg.

Si huet wëlles dëst Objektiv ze erreechen, andeems se all Associatioun a Fondatioun, déi an hire Statute d'Verdeedegung vum bebauten an architekturale Patrimoine ageschriwwen hunn, federéiert a regruppéiert.

D'Federatioun kann, ënner anerem, den Lien man tëschent den federéierten Member-Associatiounen an den Administratiounen, de politeschen an ëffentlechen Instanzen oder och der Press an de Medien.




# d'LDF an der Presse


PAPERJAM
LIFESTYLE & VIE PRATIQUE — HABITAT
PROTECTION CULTURELLE
**Une fédération pour le patrimoine bâti**
Écrit par Céline Coubray
Publié The 26.01.2021 • Édité The 26.01.2021
Les associations de défense du patrimoine bâti et architectural se sont rassemblées en fédération.
Une nouvelle fédération rassemblant les associations œuvrant pour la défense du patrimoine bâti et architectural vient de voir le jour: la Lëtzebuerger Denkmalschutz Federatioun.

Tageblatt
LOKAL
**Lëtzebuerger Denkmalschutz-Federatioun / „Schönheit ist kein Kriterium“: Neuer Dachverband will einheitliche Regeln**

RTL
NATIONAL - PATRIMOINE
**Besseren Denkmalschutz ouni Inneministère**

Luxemburger Wort
**Föderation zum Denkmalschutz**
„Wir haben uns zusammengetan, um eine gemeinsame Protestaktion für die Verteidigung und zum Erhalt des gebauten architektonischen Erbes zu veranstalten“, sagte Paul Ewen, Präsident der neu gegründeten Lëtzebuerger Denkmalschutz Federatioun (LDF).
„Hauptproblem ist, dass der Bautenschutz nicht gut funktioniert. Einerseits gibt es den kommunalen Schutz via die allgemeinen Bebauungspläne (PAG), andererseits den nationalen Schutz. Beide greifen aber nicht ineinander“, moniert Ewen.

# Conseil d'Administration

2020 - 2022

| | |
|---|---|
| **Paul Ewen**<br>(Mouvement Patrimonial) | **President** |
| **Anicet Schmit**<br>(Lampertsbierger Geschichtsfrënn) | **Vize-President** |
| **André Kirsch**<br>(Comité Alstad) | **Secretaire** |
| **Jerôme Reuter**<br>(Biergerinitiativ Gemeng Kielen) | **Tresorier** |
| **Jean-Claude Thies**<br>(Biergerinitiativ Quo vadis Käerch) | **Secretaire adjoint** |
| **Jorge Simoes**<br>(Sauvegarde du Patrimoine) | **Member** |

## eise motto

D'Federatioun wärt hieren Intérêt, d'Erhaalen vum Bauierwen bei den ëffentlechen an politeschen Instanzen verdeedegen an och mat hieren Revendicatiounen un d'Presse goen.

## historique

Op Basis vun enger Idee vun de Lampertsbierger Geschichtsfrënn hu sie an de Mouvement Partimonial sech mat aneren Organisatiounen getraff fir a Gespreicher gemeinsam Punkten ze beschwetzen, fir esou eng Dachorganisatioun kennen opzebauen.

En Austausch tescht dem Mouvement Patrimonial an der Biergerinitiativ Quo vadis Käerch gouf et den 8. Abräll 2019 zu Käerch am Sëtz vu Quo Vadis. Austausch Treffen gouf et awert och mam Comité Alstad. Duerch hier Presenz am Mouvement Patrimonial waren déi aner Organisatiounen emmer mat agebonnen. Den 11 August 2019 huet de Mouvement Patrimonial dunn des 6 Organisatiounen op eng éischt Versammlung invitéiert.




# Entrevue mat der Mme Innenminister Taina Bofferding

**Thema: de PAG an de Gemengen ass keen Bauteschutz**



(Foto: MINT)

Am Mee 2021 hat de Conseil vun der LDF eng Entrevue mat der Mme Innenminister Taina Bofferding zesummen mat e puer Fonctionnairën. Et ass drems gangen dat de PAG esou wéi en vun de Gemengen gehandhabt gëtt, keen Langzäitschutz fir eist Bauiewen duerstellt.

Och ass et esou datt protegéiert Gebeier an de Gemengen duerch "modifications ponctuelles" zu all Moment kennen ofgerappt gin. Beispiller léien genuch vier.

Desweideren huet sech d'LDF bekloot datt de Gemengen net genuch op d'Fanger geklappt giff gin, an dest duerch den Innenministère dén jo derfir suerge soll datt an de Gemengen "d'protection du patrimoine" misst seriös geholl, an och korrekt gehandhabt gin. Beispill Esch-Uelzecht wou vun 2584 duerch den SSMN proposéierten Gebeier, der grad emol 424 als "immeuble à protèger" zreckbehale gi sin. Dat si just 16,4%. Ganz historesch Quartiers sin net ennert engem Schutz vun "secteurs sauvegardés".

Lëtzebuerger Denkmalschutz Federatioun LDF